# déi Konservativ

## Pressematdeelung

31.01.2020

**KEE PUTSCH GÉINT EIS MONARCHIE!**

D'Partei **déi Konservativ** deelt, mat dësem Schreiwes mat, datt si de Putsch géint eis Monarchie, veruerteelt!

De veräffentleche « Waringo-Rapport », zesummen, engersäits, mat den Ambitioune an de Programmziler, vu gewëssene politesche Parteien a gesellschaftlechen Organisatiounen, anerersäits, mam ideologeschem Presseecho, verfollegen dobäi d'Zil, « d'Monarchiefro » ze stellen! Et ass eng Gesellschaftsdebatt, déi vun dëse Kreesser ausgoend, ugestouss gi soll, fir eiser Staatsform, d'Legitimitéit an d'Modernitéit af z'erkennen. Mir froen eis: Wie vertrëtt hei Interêten, fir eng politesch Staatsaffär z'inszenéieren? Problemer am Stot, si Privatsphär, ma sécherlech kee Grond fir politesch an ideologesch Attacken, op d'groussherzoglech Famill, op d'Lëtzebuerger Land.

Als monarchistesch Partei, hale mir un der Valeur vun der Lëtzebuerger Monarchie fest: Si ass e wichtege Kulturbausteen vun der Lëtzebuerger Identitéit – eis Staatsform d'Monarchie, eise Grand-Duc an d'groussherzoglech Famill, si weltwäit héich unerkannt a respektéiert. Der Monarchie verdanke mir, déi geschichtlech, diplomatesch a géigewäerteg Popularitéit als Lëtzebuerg, an d'Eenzegaartegkeet als dat lescht Groussherzogtum op der Welt!

Eis Partei ass der Iwwerzeegung, datt wuel eng Rei Moossnamen ënnerholl gi kënnen, a sollen, fir de Stellewäert an d'Vollekspopularitéit vun eiser konstitutionell-parlamentarescher Monarchie am 21. Jorhonnert: Zum Beispill, eng « finanziell » Reform, eng « personell » Ëmstrukturéierung, e méi « transparente » Fonctionnement, eng « gréisser » Biergerverbonnenheet, eng « neigeliefte » Nationalromanz, asw! Mir ënnerstëtzen awer keng Initiativ, eis Monarchie ze stierzen! Scho méimools, gouf versicht, eiser Monarchie de Fouss ze stellen!

Op eis Traditiounsmonarchie, kéim eng lénk Republik, op eise beléiften, a neutrale Groussherzog, e politesche President. Et wier eng weider, traureg Victoire, vum kommunisteschen a sozialisteschem Geescht, géint eis Traditiounen, eis Identitéit, an eis Geschicht! Geschate Groussherzog, Monseigneur, eis Partei hält Iech d'Trei.

gezeechent, déi Konservativ